EIS GEMENG

Magazine d'information
de la Ville de Rumelange

Nº 5
01/2026

Sous la responsabilité du Collège des bourgmestre
et échevins de la Ville de Rumelange.

STAD RËMELENG

EDITO

Virwuert vum Buergermeeschter

LU | Léif Matbiergerinnen! Léif Matbierger!

D'Joer 2025 ass eriwwer, an dat neit Joer ass nach jonk. Op dëser Plaz notzen ech da gären d'Geleeënheet, fir jidderengem ee schéint neit Joer ze wënschen.

Réckbléckend gekuckt, kann ee soen, datt déi lescht Méint am Joer ëmmer gepräägt sinn duerch vill Evenementer a Feierlechkeeten, vun der Laureatefeier bis bei de Boarbelendag an de Chrëschtmoart. Mir leeë vill Wäert drop, datt hei zu Rëmeleng d'Leit ëmmer nees zesumme kommen, fir sech auszetauschen, an eis Stad esou um Liewen ze halen.

Donieft war d'Joer 2025 awer och ee Joer vu grousse Verännerungen. Dat neit Reglement fir d'Poubellen ass an Ugréff geholl ginn. Zanter Dezember 2025 si mir amgaangen, déi nei Poubellen no an no auszeliwweren, woubäi elo mol déi schwaarz an enger éischter Phase geliwwert ginn. Vu Januar u ginn dann och déi al Poubellen net méi eidel gemaach.

Eis ass et wichteg, datt d'Awunner vun der Stad Rëmeleng sech hei wuel fillen, an dozou zielt eben och, datt ee mat der Zäit muss matgoen. Changementer sinn net ëmmer einfach, ma op laang Siicht awer noutwenneg, fir als Stad weiderzekommen.

Henri Haine | Buergermeeschter

FR | Chères concitoyennes ! Chers concitoyens !

L'année 2025 est terminée, et la nouvelle année est encore jeune. À cette occasion, je souhaite profiter de l'opportunité pour souhaiter une très belle année à chacune et chacun d'entre vous.

Avec du recul, on peut dire que les derniers mois de l'année sont toujours marqués par de nombreux événements et festivités, de la cérémonie des lauréats jusqu'au Boarbelendag et au marché de Noël. Nous attachons une grande importance au fait que les habitants de Rumelange se retrouvent régulièrement, pour échanger et ainsi maintenir notre ville vivante.

De plus, l'année 2025 a également été une année de grands changements. Le nouveau règlement concernant les poubelles a été mis en œuvre. Depuis décembre 2025, nous avons commencé à distribuer progressivement les nouvelles poubelles, en commençant par les poubelles noires dans une première phase. À partir de janvier, les anciennes poubelles ne seront plus vidées.

Il est important pour nous que les habitants de la ville de Rumelange se sentent bien ici, et cela inclut aussi le fait qu'il faut évoluer avec le temps. Les changements ne sont pas toujours faciles, mais à long terme, ils sont nécessaires pour que la ville puisse continuer à avancer.

Henri Haine | Bourgmestre

Éditeur
Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Rumelange
2 place G.-D. Charlotte | L–3710 Rumelange

Tél. : +352 56 31 21 – 1 | www.rumelange.lu
secretariat@rumelange.lu | Stad Rëmeleng
Comité de rédaction : Service de la Culture et des Sports

Imprimeur
Imprimerie Reka
Imprimé sur du papier 100 % recyclé.

© Photos
Service de la Culture
et des Sports

Layout & illustrations
101

Klima-Bündnis Lëtzebuerg
NaturPakt Meng Gemeng engagéiert sech
PacteClimat | European Energy Award Ma commune s'engage pour le climat

EVENTS

Wat war lass an eiser Gemeng?

SENIOREFEIER
14.10.2025

Dënschdes, de 14. Oktober 2025 hu mir zu Rëmeleng eise Bléck op déi méi eeler Generatioun geriicht. D'Seniorefeier war eng wonnerbar Geleeënheet, fir all deene Merci ze soen, déi eis Stad iwwer vill Joer gepräägt hunn. Rëmeleng lieft vum Zesummenhalt tëscht de Generatiounen – vun der Jugend bis bei eis Senioren. Op dëser Plaz seet d'Stad Rëmeleng Merci un all déi, déi zu dësem flotten Dag bäigedroen hunn.

JOURNÉE DE COMMÉMORATION NATIONALE
19.10.2025

Le 19 octobre 2025, a eu lieu la Journée Nationale de Commémoration. À 11h00, un rassemblement s'est tenu au « Monument aux Morts » dans le parc municipal. Cet événement a été l'occasion de se souvenir des victimes du régime nazi pendant l'occupation de 1940 à 1945.

HALLOWEEN NUETSRALLYE
31.10.2025

D'Stad Rëmeleng freet sech dann och matzedeelen, datt 2025 ee ganz neit Event an eise Kalenner dobäi komm ass an zwar den Halloween Nuetsrallye. D'Jugendkommissioun an Zesummenaarbecht mat de Rëmelenger Veräiner hunn deemno um 31. Oktober een Nuetsrallye mam Thema Halloween organiséiert. Duerch ganz Rëmeleng ware Statioune wou d'Participante kleng Spiller hu misste maachen. Vun 12 Ekippe konnt deemno hei just eng gewannen an dat war d'Ekipp „Spooktaculars". Donieft krut dann awer och all Ekipp ee klenge Kaddo.

Ee grousse Merci op dëser Plaz nach eng Kéier u jiddereen dee gehollef huet. Den Halloween Nuetsrallye wäert dann och 2026 nees an eisem Kalenner stoen.

DAG VUM BAM

15.11.2025

All Joer feiere mir an eiser Stad den Dag vum Bam. Fir all Kand, dat d'Joer virdrun op d'Welt koum, setzt d'Stad Rëmeleng symbolesch ee Bam – e klengt Zeechen vum Wuesstem an enger nohalteger Zukunft.

Dëst Joer ass de Choix op eng Quercus Rubra gefall, besser bekannt als Amerikanesch Roudeech, déi vum Service Jardinage gesat gouf.

Vill Elteren a Kanner waren dobäi a hunn dëse schéine Moment mat eis gedeelt. Hei e puer Andréck vum Samschden, dem 15. November 2025.

WELTMÄNNERDAG WANTERGRILLEN

19.11.2025

La Journée internationale des hommes a pour objectif de sensibiliser aux thèmes importants qui concernent les hommes et les garçons. Elle met l'accent sur la santé physique et mentale des hommes, valorise des modèles masculins positifs et encourage le respect ainsi que le dialogue entre les genres.

À cette occasion, la Ville de Rumelange célèbre cette journée dans le cadre d'un barbecue d'hiver à l'ancien abattoir.

FÊTE DES LAURÉATS

28.11.2025

Den 28. November hu mir an der Stad Rëmeleng eis sportlech a kulturell Talenter gefeiert! Mir si ganz houfreg, all déi engagéiert Leit aus dem Kultur- a Sportberäich fir hir aussergewéinlech Leeschtungen ze éieren.

E grousse Merci geet och un „Lylian Freestyle" fir de sportlechen Encadrement an un „The Night" fir déi musikalesch Ambiance.

D'Stad Rëmeleng seet Merci un all déi dobäi waren an nach eng Kéier häerzlëch Felicitatioun un eis Laureaten 2025!

SELF-DEFENSE COURS FIR FRAEN

29.11.2025

Dans le cadre de l'Orange Week, la Ville de Rumelange a organisé, en collaboration avec la Commission de l'égalité des chances, un cours d'autodéfense destiné aux femmes. Ce cours vise à renforcer la confiance en soi, à transmettre les bases de l'autodéfense et à sensibiliser les participantes à la manière de réagir dans des situations difficiles. Cette action s'inscrit dans l'engagement de la Ville contre les violences et en faveur de la sécurité et du bien-être des femmes.

SPILLSAACHESAMMLUNG

10.12.2025

Den Dezember ass eigentlech och de Mount vun de Kaddoen. An der Realitéit ass et dann awer leider dacks esou, datt vill Kanner net déi Chance hunn, fir Chrëschtdag grouss beschenkt ze ginn. Dofir huet sech d'Stad Rëmeleng schonn zanter enger ganzer Rei Joren zur Aufgab geholl, och deene Kanner eng Freed ze maachen. Am Kader vun der Spillsaache-Sammlung, zesumme mat der Chancëgläichheetskommissioun, ginn all Joer, am Ufank vum Dezember, Spillsaache gesammelt, déi dann un d'Croix-Rouge an och un de Cent-Buttek ginn.

BOARBELENDAG

04.12.2025

De 4. Dezember hu mär zu Rëmeleng de Boarbelendag gefeiert an domat un eis Mineuren an un déi wichteg Roll vum Biergbau an eiser Uertschaft erënnert.

Beim traditionelle Cortège vum Rond-Point bis bei de Musée huet een duerch ganz Rëmeleng Knupperten héieren – e stoarkt Symbol fir déi fréier Sprengungen an de Minnen an an de Carrièren.

Um Musée goufe Blumme beim Monument néiergeluecht, ier an der Minn eng Mass gehaale gouf. Zum Ofschloss vum Dag huet d'Stad eng Receptioun an en Iessen am Centre Culturel organiséiert, fir dësen Dag a gudder Gesellschaft ausklénge ze loossen.

CHRËSCHTMOART

05.12.2025

Le week-end du 5 au 7 décembre, la Ville de Rumelange a organisé son traditionnel Marché de Noël. Vendredi, nous avons eu la visite du Saint Nicolas.

La Ville de Rumelange tient à remercier chaleureusement toutes les personnes qui ont contribué au succès de cette édition : collaborateurs, associations, responsables de stands, bénévoles et bien sûr tous nos visiteurs.

Nous nous réjouissons déjà de vous retrouver l'année prochaine !

INFORMATION CONCERNANT LES POUBELLES

Les poubelles noires ont été mises en distribution et continuent à être livrées, tandis que les anciennes poubelles noires sont progressivement retirées si vous ne souhaitez pas les conserver. Si vous décidez de les garder, veuillez toutefois noter qu'elles ne seront plus vidées.

Dans une phase suivante, les autres poubelles destinées aux déchets biodégradables, au papier et au verre seront distribuées.

En ce qui concerne la facturation, le premier trimestre reste soumis aux anciens tarifs. À partir du 1er avril, le nouveau règlement des taxes entrera en vigueur.

Afin de savoir quelles poubelles sont vidées et à quelles dates, la Ville de Rumelange recommande de consulter régulièrement le calendrier des déchets. Celui-ci comporte de nouvelles dates.

Il est important de noter que, durant le premier trimestre (jusqu'au 31 mars 2026 inclus), la collecte s'effectue encore comme auparavant : le verre et le papier doivent toujours être déposés devant la porte dans des caisses ou des sacs. Le CIGL est en charge de la collecte du verre et Lamesch de celle du papier.

AGENDA

All d'Informatiounen zu den Eventer am Rumelagenda fannt Dir ëmmer op eiser Websäit:
www.rumelange.lu/tous-les-evenements

Januar / Janvier 2026

BICHERBUS
09.01.2026
Freideg/Vendredi
Grand-Rue



QUIZ-ME
24.01.2026
Samschdeg/Samedi
Centre Culturel A. Zirves

BICHERBUS
30.01.2026
Freideg/Vendredi
Grand-Rue

Februar / Février 2026

BICHERBUS
20.02.2026
Freideg/Vendredi
Grand-Rue

BUERGBRENNEN
21.02.2026
Samschdeg/Samedi
Skater-Pist 5, rue des Mines

Mäerz / Mars 2026

JOURNÉE INTERNATIONALE DE LA FEMME
08.03.2026
Sonndeg/Dimanche

DIE HEUBÖRSE FÜR LUXEMBURG

DE | Finden Sie das perfekte Heu für Ihre Tiere und unterstützen Sie regionale Heuanbieter!

Besuchen Sie **hee.lu** – die neue Online-Plattform für den Heuverkauf!

- **Anzeigen aufgeben**: Gesuch für Qualitätsheu – einfach & kostenlos
- **Heuanbieter in Ihrer Nähe finden:** Die besten Angebote schnell auf einer interaktiven Karte finden
- **Gezielte Suche:** Kräuterreiches Heu, Bio-Qualität, Ballenformat & -größe und zahlreiche weitere Filtermöglichkeiten
- **Direkte Kontaktaufnahme:** Angebote vergleichen & individuelle Vereinbarungen mit Verkäufern treffen
- **Regionale Heuwirtschaft stärken:** Kaufen Sie direkt bei Landwirten aus Luxemburg

Durch den Kauf von **kräuterreichem Heu von extensiv genutzten Wiesen*** unterstützen Sie die Erhaltung unseres artenreichen Grünlandes. Dieses Heu eignet sich gut für die Fütterung von **Pferden, Jungvieh, Mutterkühen sowie Kleintiere wie Kaninchen oder Meerschweinchen.**

*ohne Düngung und Pestizide, später Mahdtermin, Fläche unter Vertragsnaturschutz

Melden Sie sich kostenlos an und finden Sie das passende Heu für Ihre Tiere!

www.hee.lu

Bei Fragen melden Sie sich per E-Mail unter **aarteraicht-grengland@erhalen.lu** Die Heubörse wird durch das Naturschutzsyndikat SICONA mit der finanziellen Unterstützung des Ministeriums für Umwelt, Klima und Biodiversität betreut.

Heu-börse hee.lu

Scannen Sie den **QR-Code**

Naturschutzsyndikat SICONA
12, rue de Capellen L-8393 Olm
T : (+352) 26 30 36 25
E : administration@sicona.lu

Das Naturschutzsyndikat SICONA besteht derzeit aus 43 Mitgliedsgemeinden im Südwesten und Zentrum Luxemburgs. Ziel von SICONA ist die Erhaltung der heimischen Artenvielfalt und der naturnahen Lebensräume. Neben Landschaftspflegearbeiten ist die Wiederherstellung von Lebensräumen ein Schwerpunkt der Arbeit von SICONA.

zesummen aarteräicht Gréngland erhalen

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité